Bulletin de la Fondation Luxembourg - El Salvador
Juli 2019 LI/2

# El Salvador - Luxembourg

## Happy birthday Henri Gloden

## Felices 80 años Padre Enrique

**Léif Leit,**

Dëse Juli huet den Henri Gloden säin 80. Gebuertsdag gefeiert. Op dëser Plaz wënsche mir him nodréiglech all Guddes, a virun allem eng gutt Gesondheet. Dëse ronne Gebuertsdag huet hien an El Salvador, wäit ewech vu senger Heemecht, am Krees vu senge salvadorianesche Frënn gefeiert.



Mat 80 Joer stellt den Henri sech ëmmer nach Dag fir Dag an den Déngscht vun de bedürftege Leit aus El Salvador, fir hinnen ze hëllefen. All Respekt Heng! Eiser ee setzt sech dacks mat 60 Joer zur Rou, a léist sech et gutt goen. Du awer hues mat 80 nach all Dag volle Programm, bass ëmmer do, wann s de gebraucht gëss: zu Santa Ana am Kannerhaus, zu La Majada am Formatiounszentrum, zu San Salvador am Fraenhaus, zu Pedregal bei de Misioneros, an der Kathedral an am Beichtstull, dir ass meescht kee Wee ze wäit, och wann déi 80 Joer heiandsdo net méi alles matman. Du stells däi Priestersinn voll a ganz an den Déngscht vum Matmënsch, an engem Land, wat eent vun deenen ämsten, mee och geféierlechste vun der Welt ass. Chapeau, Dios se lo pagara!

Mir hoffen, dass du et hikriss, am Hierscht op Lëtzebuerg heem ze kommen, an da proste mer op däi Gebuertsdag!
Léif Lieser, hei kënnt dir elo den zweeten Deel vum Laurent Gloden sengem Reportage iwwer d'Rees an El Salvador liesen. Duerno präsentéiere mer iech de Bilan 2018 vun der Fondatioun.
Mir wënschen iech elo eng erhuelsam grouss Vakanz, a merci fir Alles.

Roland Milbert, President

# « Rees an den El Salvador am Januar 2019 »

## San Agustin

Weider op San Agustin fir d'Aweiung vun den Haiser. Déi nei Haiser sti gutt verdeelt.
D'Rue de Mertert-Wasserbillig läit ganz op der anerer Säit vum Duerf. D'Haiser sinn nom groussen Äerdbiewen opgeriicht ginn. San Agustin läit op engem Hiwwel. D'Haaptstrooss geet de Bierg erop op Berlin. Op d'Feier koum den Oscar mat der Equipe vum Kannerhaus, de Mil an d'Maureen, de Paschtouer vum Duerf, d'Cecile vu Fundamuni, de Buergermeeschter an d'lokal Autoritéiten. Den Här Denis Pigot vu LuxDevelopment war och do. Déi Lëtzebuerger an déi Salvadorianesch Nationalhymn goufe gespillt. Meedercher hunn a faarwege Reckelcher gedanzt. Jiddereen, deen en Haus krut, huet vun eis e symboleschen Holzschlëssel iwwerreecht kritt.




Mir hu vum Buergermeeschter eng Plack mat Mentioun an e gëllene Schlëssel kritt.
De Paschtouer huet d'Haiser geseent. Duerno huet d'Gemeng a Fundamuni e gutt Iessen offréiert.



## Fundamuni, California

Mir sinn d'Raimlechkeete vu Fundamuni zu California besiche gaang: mir krute Microfinanzprojete virgestallt: Holzhandaarbechten, gelasert Porte-clefen, Bijouen, Stéckereien, Käerzen, Biller asw. Um Site offréiere si eng kleng Restauratioun.

## Misioneros de Cristo Crucificado

Bal vis-à-vis vu Fundamuni läit d'Klouschter vun de Misioneros.
Déi ganz Enceinte ass wéi eng Copie vun hirem Site zu Pedregal, ouni Luxus, rudimentär. Just mat engem gréisseren Terrain, op deem Landwirtschaft gemaach gëtt. Ora et labora fir d'Seminaristen. Si féiere wierklech en asketescht Liewen. Si hu keen Akommes, liewe vun Almosen a vu finanzieller Ënnerstëtzung vum Abbé Gloden.

## Projet El Jobal

Mir ware mat der Equipe vu Fundamuni, mam Architekt, mam Buergermeeschter vu Puerto El Triunfo op d'Insel, fir déi éischt Haisercher ze kucken, déi 2012 gebaut gi sinn: 35 Grad waarm, vill Waasser drénken: Si drénke Waasser aus klenge plastik Sacheten.
D'Insel ass voll mat Offall vu Plastik! Mir hunn eis Haiser gesinn: verschiddener si faarweg, anerer bal zougewuess, eis Plackette visibel, fort oder verblatzt. An der Maison médicale hu mir verschidden Erklärunge kritt: vill Krankheetsbiller hunn ofgeholl, am schlëmmsten ass de Problem vum Duerchfall.
Op der Insel feelt eng Wasserleitung. Mir denken, do ze hëllefen.

## Kéiprojet

Zu San Agustin, wou den Zentrum vun deem Projet leeft mat enger Formatioun fir d'Baueren, ass en iwwerdeckten Trach, ee mat Fudder an ee mat Waasser opgeriicht ginn. D'Kéi hunn eng zentral Weed, e Véidokter an en Agragingénieur këmmere sech ëm de Projet. Fundamuni huet an deem Kader eng Yoghurt- a Kéisproduktioun ugefaang, a verkeeft déi Produiten an engem Buttik.
Mir hunn nach e puer Visitte gemaach: Mëllechproduktioun zu San Agustin, Pompjeeën a Maart zu Usulutan, de Pazifik bei El Cuco, Berlin, Santiago de Maria, Laguna de Alegria asw.

## Fazit

Mir konnten net Alles klären, mee mir hunn Alles gesinn, wat geplangt war.
Et war e relativ kondenséierte Programm, dat Eent oder Anert hätt kënne méi verdéift ginn.
Mir hu Leit begéint, déi an däer eis friemer Kultur hirt Bescht ginn, wou en Dialog heiandsdo schwéier war, schonn eleng wéint dem Sproochverständnis,
mee wou de Wëllen ze erkenne war, matzehëllefen a matzeschaffen am Déngscht vun enger gemeinsamer Saach: de Matmënsch a säin Ëmfeld.

# « Bilan 2018 vun der Fondatioun Lëtzebuerg-El Salvador »




De 27. März 2018 huet de Verwaltungsrot vun der Fondatioun zu Mäertert am Centre culturel de Bilan vun 2018 ënnert d'Lupp geholl.
Vir t'éischt un Iech all, léif Frënn an Donateuren, en häerzlechste Merci, och am Numm vum Henri Gloden a vun all eise salvadorianesche Frënn a Bekannten, fir Är immens Generositéit. Ouni Är Mëtschgiewegkeet kënnte mir déi Projeten an deem ärmste Land vu Mëttelamerika net realiséieren. E Merci och dem Kooperatiounsministère, deen e puer vun eise Projeten mat 60-75 % bezuschusst.
Hei dann e Rechenschaftsbericht iwwer wat mat de Finanzen an deem aarme Land geleescht ginn ass:

- De kofinanzéierte Projet **Kannerhaus** mat den Atelieren leeft gutt.
  Merci dem Direkter Oscar Pinto an alle Mataarbechter zu Santa Ana. Eise finanziellen Undeel un deem Projet huet sech 2018 op 41 500 € belaf.
  De Projet ass zum 31. Määrz dës Joer ausgelaf, a mir schaffe fläisseg drun, dee Projet kënne weider lafen ze loossen.



- De **Mëllechprojet** zu Usulatán an an aneren Uertschaften ass e grousse Succès. An deenen dräi Joer, wou d'Formatioune fir d'Baueren a Béischtenhaltung, Fudderproduktioun, Weiderziichten, Mëllechveraarbechtung an hygienesch Regelen gelaf sinn, huet sech Villes gedoen op deem Gebitt.
  Eng nohalteg Entwécklung ass gewuess, a vill kleng Baueren kënne sech an hir Familljen iwwer Waasser halen. Dëse Projet ass elo optimal ofgeschloss.

- D'Fraenhaus **Casa Madre de la Misericordia** zu San Salvador leescht weider eng wäertvoll Aarbecht am Déngscht vu Fraen, Mammen a Kanner. Mat eiser finanzieller Hëllef vun 51 357 € € konnten d'Paien, den Ënnerhalt vum Haus, Iessen, Medikamenter, Dokterrechnungen, Hygiènesartikelen, Gezai, Schoul-a Bürosmaterial, Transportkäschten asw. bezuelt ginn. En décke Merci der Schwester Reina an hire Mataarbechter.

- Déi 100 **nei Haiser** (Projet zesumme met der ONG Komm Hëllef Mat Préizerdall) si fäerdeg a goufen am Januar 2019 zesumme mat e puer Leit aus eisem Verwaltungsrot feierlech ageweit. Merci alle „Propriétairen", déi en Haische gesponsert hunn. Si krute vun den Awunner e schrëftleche Merci zougeschéckt. An d'Strooss heescht och Gemeng Mäertert-Waaserbëlleg.

- De Projet **Studenteboursen** ass verklengert ginn aus Grënn vun Transparenz a Gestiounsschwieregkeeten.
  14 679 € sinn nach un eng 25 ärmste Studente verdeelt ginn, fir hir Studien ze finanzéieren.

- Um Problem vun der Finca San Luis gëtt nach gedoktert. Déi Kaffis- an Uebstplantag vu bal 30 ha, déi d'Por Widdebierg aus der Gemeng Betzder finanzéiert huet, läit bal brooch a waart op eng brauchbar, faisabel Léisung.
  10 Aarbechter mat hire Familljen ënnerhalen den Terrain. Dat kascht eis 64 050 €. Zesumme mam Propriétaire, eiser Schwësterfondatioun La Sagrada Familia hoffe mir op besser Zäiten, och am Kaffispräis.

- 37 329 € hu mir gestëft fir **« extrême pauvreté »**, fir ärmste, kranke Leit, Leit an extremen Noutsituatiounen e bësschen aus der Patsch ze hëllefen.
  Weider 22 590 € €hu mir dem Henri Gloden zoukomme gelooss, fir diskret kënne séier an onbürokratesch do ze hëllefen, wou Nout um Mann war a „Lächer" zu La Majada ze stoppen. Dem Padre merci fir den Dispatching vun deene gutt ugeluechte Spendegelder.

Souwäit de finanzielle Bilan vun 2018. Mir sinn houfreg op dat Resultat, a soen nach eng Kéier Iech all muchisimas gracias.

## Wir danken. Muchas gracias.

Ich/Wir danken Gott und Ihnen für Ihre guten Spenden. Ein besonderer Dank gilt den Mitgliedern des Verwaltungsrates für ihre wertvolle, benevole Arbeit. Dios se lo pagara!
Als Priester, als Missionar habe ich eine Herzensangelegenheit: Jugendliche zu ermutigen, zu unterstützen, zu fördern, auf Gottes Ruf, auf die Berufung zu lauschen und den Priesterberuf als Lebensziel zu erwählen. Seit einigen Jahren gibt es den salvadorianisch-guatemaltekischen Orden „Misioneros de Cristo Crucificado. Dank einer substantiellen Erbschaft von Seiten der Geschwister Finny und Jängi Meyrer aus Mertert, können wir etwa 50 Priesterkandidaten eine Beihilfe zum Studium gewähren. Jährlich fallen etwa 45 000 € an für Logis, Ernährung, Ausbildung. Diese neue Priestergemeinschaft ist bettelarm, ohne Einkommen, lebt von Almosen…



Beten Sie mit mir, mit uns, für Priesterberufe. Die Gesellschaft braucht den Priester als Wegweiser, Lehrer, Begleiter und Sprachrohr Gottes.
Merci. Danke schön. Gracias. Vantiok.

Ihr henri gloden

## Last minute: Tornado zu Santa Ana



Mail vum Abbé Gloden:
Gëschter, 10. Juli gouf et en Tornado zu Santa Ana, ganz lokal.
En huet 7 Sekonne gedauert an ass deen éischten an der Geschicht vum Land.
E puer Haiser an der Stad sinn zerstéiert. Am Kannerhaus sinn e puer grouss Beem entwuerzelt ginn. Och den Daach vum Haus gouf beschiedegt.
An der Mëttesstonn ware keng Kanner am Haus. Et ass glécklecherweis kengem Mënsch eppes geschitt. Mee wat e Schreck!




## Kontakt

**In Luxemburg:**

Fondation Luxembourg - El Salvador
30, rue J.-P. Beckius, L-6671 Mertert
Tel. 74 80 93
Internet: www.elsalvador.lu
E-Mail: luxelsa@pt.lu
CCPL - LU73 1111 2119 9449 0000
BILL - LU47 0024 1691 8554 5100
Bei der Fondation handelt es sich um eine staatlich anerkannte Stiftung. Spenden sind gemäß den gesetzlichen Bestimmungen steuerlich absetzbar.

**In El Salvador:**

Padre Enrique Gloden
Hogar Amor y Esperanza - Apartado 48
Santa Ana / El Salvador / Centroamérica
Tel. 00503 79 25 06 18
E-Mail: glodensch@yahoo.com
CCPL LU59 1111 0369 1656 0000
(Postscheckkonto von Henri Gloden, Mertert)

**https://www.facebook.com/hellefelsalvador**

## Impressum

**El Salvador - Luxembourg**

Bulletin de la Fondation Luxembourg - El Salvador; paraît au moins quatre fois par an.

*La Fondation a pour objet de promouvoir et de soutenir, par des aides matérielles ou autres, toute activité sociale et éducative dans l'intérêt de la population en détresse dans le pays d'El Salvador (Amérique Centrale) et plus particulièrement dans l'intérêt des enfants et adolescents dans le Foyer d'enfants «Amor y Esperanza» initié par lAbbé Henri Gloden à Santa Ana (El Salvador).*